VULLEN AN DER MYTHOLOGIE

DE VULL ASS E SYMBOL FIR D'BEWOSSTSINN.

Ob gëttlech oder verréckt - d'Vulle si weltwäit e Bild fir aussergewéinlech Bewosstsinnszoustänn. Als Séilevull flitt eist Bewosstsinn an d'Welt vun den Dreem an an d'Paradis. A mir als verréckt Pechvulle falen op eis eegen Dommheet eran.

De Storch bréngt d'Kanner.

Hautdesdaags schmunzele mir iwwer d'Bild vum Storch, well d'Wëssenschaft dës Fro gekläert huet. Mä eis Virfaren haten nach keng Mikroskopen a woussten näischt vun Eezellen an DNA. Fir si war et kloer, datt mir Gott eist Liewen ze verdanken hätten. De Schëpfergott huet ee symbolesch oft als Waasservull duergestallt, zum Beispill als Gäns oder als Storch.

Eent, zwee, dräi, d'Welt kënnt aus dem Ee!

De Mythos vum Weltee erzielt, wéi aus dem gëttleche Bewosstsinn d'Welt an hirer ganzer Vilfalt konnt entstoen. An dësem Uree sinn zwou komplementar Kräften entstan, deenen hiert Zesummespill all d'Erscheinunge vun der Welt ervirbruecht huet.

Taoismus

An engem Héngeree hu sech fir d'éischt den Himmel an d'Äerd (op chineesesch „Yin" a „Yang") getrennt. Dono hu sech all déi aner Géigesaz-Koppelen entwéckelt: weiblech-männlech, waarm-kal, fiicht-dréchen, hell-donkel, asw.

Hinduismus

Gott kënnt an engem Schwanenee op d'Welt. Am Ee trennt de Brahma gedanklech säi Kierper an Himmel an Äerd. Esou ass e männlech a weiblech ginn an huet all d'Erscheinunge vun der Welt zum Virschäi bruecht.

Aalt Ägypten

Als Gäns leet de Schëpfergott d'Weltee. Och hien huet fir d'éischt Himmel an Äerd getrennt. Seng männlech a weiblech Energië bréngen duerch hir Wiesselspiller all d'Erscheinungen ervir.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.

DEM SCHAMAN SÄI VULLEFLUCH

Vu jeehier dreemen d'Mënschen dovun, fléien ze kënnen. Op dëser Fantasie gestäipt sinn d' Steenzäitmënschen an d' Geeschterwelt gereest, fir mat hiren Aadleraen no Wëld ze sichen oder wéi eng Eil an der Däischtert vum Jeensäits eng Krankheetsursaach erkennen ze kënnen.

Juegdzauber (Grott vu Lascaux, 17.000 Joer al)

Dës Hielemolerei stellt e Schaman mat engem Vullekapp duer, deen extatesch virun engem verwonnte Bison läit. D'Bild huet warscheinlech bei Initiatiounsritualer gedéngt, fir d'Jugend driwwer opzeklären, wéi de Juegdzauber funktionéiert. A villen haitege Juegdvëlker flitt een esou gedanklech an d'Geeschterwelt, fir do d'Gonscht vun den Déiereséilen ze erueweren. Wann een Déier sech an de Jeeër verléift, léisst et sech fräiwëlleg vun em dout maachen. Am Géigenzuch bedankt de Jeeër sech bei der Déiereséil mat engem Affer.

D'Eil (Grott vu Chauvet, 32.000 Joer al)

D'Eile gehéieren zu den heefegst duergestallten Déieren an der Fielsmolerei. Dank hire liichtempfindlechen Ae gesäit d'Eil esouguer an der Däischtert Mais. Op déi selwecht Aart a Weis erkennt och de Gott, deen heelt, mat sengem geeschtegen A Krankheetsursaachen a besäitegt se.

De Schamanefluch

D'Naturvëlker gleewen drun, datt d'Krankheeten an den Doud an der Geeschterwelt verursaacht ginn. Fir an de Jeensäits ze kommen, verwandele sech d'Medezinmänner oft gedanklech an e Vull. Dësen entréckte Bewosstsinnszoustand erreecht een zum Beispill duerch laangt Danzen, Trommelen a Bieden.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.

DE KUEB ALS GËTTERBUET, KULTURBRÉNGER A WELTSCHËPFER

Als Aassfrësser ass de Kueb dat ideaalt Symbol vum Mediateur tëschent Liewen an Doud. Dofir ass hie fir vill Heeler an Nordamerika, am Polargebitt an a Sibirien e Virbild. Als Déifvull huet hien d'Gëtter bestuel, fir de Mënschen ze hëllefen. Hien huet eis Feier, Fëschernetzer, Drénkwaasser an esouguer d'Fäegkeet ze schwätze geschenkt! Well Kuebe sech esou verfroossen an ongenéiert behuelen, sinn hir Geschichte meeschtens ganz witzeg!

Esou erzielen d'Itelmenen aus Sibirien, datt en onbegaabte Kuebegott déi ganz Welt erschaf hätt. Kee Wonner also, datt et zu Kamtschatka esou vill onbegobar Bierger ginn an datt d'Wieder do schlecht ass! D'Itelmene bedanke sech dofir ëmmer nëmme mat verbattertem Humor bei hirem Schëpfergott!



Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.

VULLEN ALS URVIRFAREN

Vullentotem

Déi Verstuerwe kënnen d'Gestalt vun Déieren unhuelen, fir esou hir Famill ze schützen. Fir hir Nokomme gëllt dëst Déier dann als Totem, deem ee Respekt muss entgéintbréngen. En Totempoul stellt esou de Stammbam vun engem Stamm duer.
Bei villen Naturvëlker hunn d'Leit en Déieregeescht, dee se dat ganzt Liewe laang begleet. Oft kläert e bedeitsamen Dram doriwwer op, mat wat fir engem Déieregeescht ee schicksalhaft verbonnen ass. Dës Déieregeeschter hëllefen dem Schaman bei geféierlechen Ausernanersetzunge mat Krankheetsdämonen am Jeensäits.

De Vullefetisch als 'Geeschterhandy'

D'Blackfeet-Indianer hunn Dinosaurierzänn als Iwwerreschter vun Donnervullen ugesinn, déi an der mythescher Zäit vun hire Virfare gelieft hunn. Dës Vullefetischen déngen dozou, dës mächteg Virfaren unzeruffen.

D'VULLEN ALS SPIRITUELLE GUIDE VUN DE MËNSCHEN.

A ville Mythen hunn d'Vullen de Mënsche psychoaktiv Heelplanze geschenkt, mat deene se an aner Welte konnte fléien. Fir hir faarweprächteg Visioune festhalen ze kënnen, huet de Kolibri den Amazonasindianer d'Mole bäibruecht.

Vullen als Dramséil.

Vill Naturvëlker féiere psychesch Erkrankungen op de Séileklau duerch e Geescht oder e béisen Zauber zeréck. Dofir verwandele sech d'Medizinmänner vun de Baruya aus Papua Neuguinea all Nuecht an en Harpyenaadler, fir opzepassen, datt d' Dramséilen net vu béisen Zauberer opgefriess ginn.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.

D'BILD VUN DE VULLEN AM WANDEL VUN DER ZÄIT

ALL D'KULTURE VUN DER WELT BENOTZEN D'VULLEN ALS SYMBOL. D'MÄRCHEVULLEN, DÉI HAUT NACH BEKANNT SINN, GINN OP DE SCHAMANISMUS AUS DER STEENZÄIT ZERÉCK.

Vullesymbolik am alen Ägypten

Gott gëtt am alen Ägypten meeschtens als Vull duergestallt. Als Gäns huet hien d'Welt-Ee geluecht. Déi gëttlech Sonn ass wéi e Fallek duerch den Himmel gereest. An als Phoenix, deen aus sengen Äschen nees neigebuer gëtt, war en e Symbol fir d'Onstierflechkeet vum Bewosstsinn.

De Sonnegott Ra

De Sonnegott Ra ass all Moien neigebuer ginn, huet géint Mëtteg u Kraaft gewonnen an huet missen owes als ale Mann hanner dem Horizont ënnergoen. Fir ze verhënneren, datt déi geschwächt Sonn an der Ënnerwelt stierft, hunn d'Paschtéier de Ra mat hire Gebieder gestäerkt. An dat mat Erfolleg, wéi all neie Sonnenopgang et bewisen huet!

De Séilevull Ba

D'Ägypter hunn dru gegleeft, datt d'Séil nom Doud wéi e Vull de Kierper ouni Liewe verléisst.

Den Toth

Den Toth war de Gott vun der Alchemie a vum Mound. Him hunn d'Mënschen d'Wëssenschaften, d'Philosophie an d'Konscht ze verdanken. Als Begleeder vun den Doudegen huet hien de Séilevulle gehollef, de Wee an d'Paradis ze fannen.

Schielt Gänsespill?

D'Gänsespill ass dat eelst Gesellschaftsspill vun der Welt. De Gott vun der Weisheet Toth huet d'Spillbriet als eng Orientéierungshëllef fir déi Lieweg an déi Doudeg op hirem Wee zum éiwege Liewen entworf. Wichtegst Spillreegel: D'Réckschléi um Wee an de Gänsenhimmel soll ee mat Humor a Gedold unhuelen.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.

DE PHOENIX-CODE.
E RÄTSEL AN ENGEM RÄTSEL ...

Jiddweree kennt d'Bild vum Phoenix, dee bei sengem Doud a Flamen opgeet, fir dann aus sengen eegenen Äschen nees opzëerstoen. Dëst alägyptescht Symbol ass am Laf vun der Zäit ëmmer méi villschichteg ginn.

An Ägypten huet de Phoenix als Symbol vun der Sonn, der Neigebuert an der zyklescher Erneierung vum Universum gedéngt.

Am Mëttelalter war de Phoenix e beléift Motiv fir dem Christus seng Operstéiung an d'Erneierung vun der ganzer Welt nom jéngste Geriicht.

An der Alchemie huet de Phoenix eng spirituell Neigebuert symboliséiert. Zil vun der Alchemie war et, erauszefannen, wat Gott vun engem perséinlech wollt. Fir mat him a Kontakt ze trieden, huet ee psychoaktiv Zaubertränk gebraut. Alchemistesch Rezepter vermësche konterbont Chimie mat Astrologie a Philosophie. Well am Géigesaz zur moderner Chimie huet een deemools net streng tëschent materiellen a spirituelle Prozesser ënnerscheet.

Märchevulle wéi de Phoenix, de Feiervull, de Simurgh oder de Garuda gi mat „Onstieflechkeetselixiren" associéiert. Dem einfachen, gudden Held geléngt et ëmmer, de Märchevull ze fänken an esou d'Prinzessin an d'Kinnekräich ze gewannen. Symbolesch stinn dës Geschichte fir d'Abenteuer vun der geeschteger Sich. Als Märche getarnt goufen esou schamanesch Bräich den Autoritéiten zum Trotz weidervermëttelt.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.